N°4536
Entrée le 24.07.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Virun e puer Deeg koum et bei Malta Air op engem Fluch mat enger Boeing 737-800 zu enge dramateschen Accident, bei deem ee Mann bal aus dem Fliger erausgefall ass. Een Triebwierksproblem huet zu engem Kabinnendrockverloscht gefouert, wouduerch eng Fënster lassgaangen ass.

Luxair an och aner Airlines um Findel setzen Fligere vun der Boeing-737-Famill an.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Direction de l'aviation civile iwwert dëse Virfall forméiert ginn, a falls jo, wéi eng zousätzlech Kontroll-, Maintenance- oder Informatiounsmoossname fir Boeing-737-800-Fligere recommandéiert si?

2. Wéi eng Sécherheetsmoossnahmen goufen am Zesummenhang mat dësem Accident fir d'Luxair-Flott getraff?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés